"Spreng deng Ketten
reiss se durech,
Schlo em ons
e Brudderband!"

# d'FREIHÉT

Letzeburg de Letzeburger

Organ vun der UNIO'N vun de Letzeburger Freihétsorganisatio'nen.
JOR 1, No 1. Erschengt virléfeg émol am Mo'nt. JULI 1944.

## E D I T O R I A L.

"Schlo em ons e Brudderband!"

We' den 10.Mé 1940 de Preiss ons Neutralite't op en neiss matt Fe'ss gesto'ss, we' du am Summer 1940 ge'nt all fre'er Verspriéchen eng preisesch Zivilverwaltong hei agefe'ert go'f dèr hire Wé matt Ligen an Terror gezéchent ass, we' eng gro'ss Zuel vu Verre'der a Feiglengen sech de Preisen an d'Aerm geworf hun, du huet de Kèr vum Letzeburger Vollek sech op d'Zaenn gebass a gesot:"Mir hale fest!"

De Letzeburger Le'w lo'g wuel a schwe're Ketten, ower gèn huet en sech net.

D'Resistenz vun de Letzeburger Patrioten huet emmer me' deitlech Formen ugeholl; geheim Organisatio'nen sin iwerall opgestan fir de Letzeburger Fuendel he'chzehalen. - A si hun en he'chgehal!

Wärend ve'er länger Krichsjoren, önner de gre'sste Geforen a matt aussergewe'nlechen Affer hun d'Letzeburger Freihétsorganisatio'nen der Hémecht hir E'er eremkaft, de' eng Band vu Verre'der a Feiglengen an den Dreck geworf.

Haut stét de Letzeburger Fuendel nés he'ch, neigebur a gehélegt vum Bludd vun dénen Helden de' e verdédegt hun!

D'Letzeburger Freihétsorganisatio'nen hun dem Preiss allerhant hart Ste'ss versat; de gre'ssten Erfolleg och fir spe'der haten s'ower am März 1944, we' de' wichtegst Letzeburger Freihétsorganisatio'nen sech zesummegeschloss hun fir Hand an Hand de Wé an d'Freihét ze gon.

Haut stét em de Letzeburger Fuendel fest an éneg d' U N I O'N vun de Letzeburger Freihétsorganisatio'nen.

Si scheckt an d'ganzt Land un all hir Beimänner an un all gudd Letzeburger hiren Appell é n e g ze sin a sech all zesummen ze schle'ssen fir d'Freihét an d'Gléck vun onsem Vollek,mat der DEVIS de' elong nach gegollen huet,wann et hart op hart go'ng,an de' hêscht:

LETZEBURG DE LETZEBURGER !

## FIR E FREIT,ONOFHAENGEGT A GLECKLECHT LETZEBURG !

"Dat ass onst Land fir dat mir ge'f heinidden alles won,
Onst Hémechtsland,dat mir so' de'f an onsen Hirzer dren!

Nodém d'Preisen den lo. Mê ge'nt all Völkerrecht a ge'nt all
Zo'secherongen ons le'w Letzeburger Hémecht iwerrannt haten, an nodém
hiren Aussenminister feierlech erklärt, Letzeburg wär nemmen Durchmarsch-
gebidd, hu si e pur Wochen durno d'Militärverwaltong opgehuewen an eng
Zivilverwaltong an d'Plaz gesat.
A wat fir eng ! Tyrannei wär dat richtegt Wurt.
Et wir onnötz Me' erfirzehiéwen, watfir e Kreizwé d'Letzeburger
Vollek zenterhir huet misse goen. Nach Jorhonnerte lang mussen onse
Kannskanner d'Schuddrengen ausgoen, wann se un de' Schan denken, de'
d'Preisen ons an de vergangene Joren ugedon hun an elo nach undin.
A si froe sech bestömmt, we' eso' eppes me'glech wer.
Dat ass eng Fro de' si sech matt Recht stellen, an de' mir ons,we'
iwregens de' mêscht Letzeburger, scho gestalt hun.
D'Aentfert ass net schwe'er.

Fir d'e'scht durch d'Nazityrannei!
Et fällt jo wuel èngem e'erlechen a brave Mensch,egal watfir enger
Natio'n en ugehe'ert, schwe'er ze gléwen, datt et am 2o.Jorhonnert nach
eso'vill Nidderträchtegkét, Verlugenhét a Brutalite't ka gin. Dat ass
ewer leider bei de Preisen de Fall, de' elo scho me'.we' ve'er Joer hei
hirem Terror freie Laf lôssen. Doriwer brauche mer de Moment ké Wurt ze
verle'eren, wèll mir könne ro'eg soen, datt et net vill Letzeburger
Familje me' get, de' net u sech selwer de' preisesch Barbarei a Brutali-
te't gespirt hun an elo nach spiren.
Dann ower och durch de Verrot vun enger Hellewull "so'genannt"
Letzeburger, Leit oder besser gesot Leiss, de' berét woren hiren Numm
hirzegin an de Preisen Handlânger- an Henkersdengscht ze lêschten, fir
aus purer Profitgier Land a Vollek ze verroden an ze verkafen.
Si si matt schold un all dem Misär dén iwer d'Land kom ass an och
um Do'd vu ville Patrioten, de' d'Preisen op de' nidderträchtegst
Mane'er em Gudd a Liéwe bruecht hun.

Wa mer ower ganz oprichteg wölle sin, da musse mer ons froen, ob
dat wirklech all Ursâche woren, de' de' Zo'stänn me'glech gemâch hun
an ob vu Letzeburger Seit alles gemâch go'f, wat an onser Kraft lo'g
fir dèr fataler Entweckelong entge'nt ze triéden.
Ob mir wöllen oder net, mir mussen de' Fro leider matt èngem "Nén"
beäntferten.- Et wor de Preisen an de Verre'der geroden Breschen an ons
Reien ze schloen, wèll et Letzeburger go'f, de' allerdengs net fir
d'Preise woren, beileiwen net, de' ower vill ze vill gefart hun an de
Preisen ömmer nömmen nogo'wen.
Mir denken hei net un all de' Arbechter a kleng Beamten, de',
nodém se kén aneren Auswé me' haten, schliesslech nogin hun, fir net
matt Fra a Kand z'erhengeren. Ma mir schwätze vun déne Leit aus de
so'genannte bessere Krêsser, de' lâng virdrun, d.h. beim e'schten
Opruff fir d' VDB ugefang hun ze zidderen a berét woren hir Ennerschreft
ennert dat verhängnesvollt Dokument ze setzen. Si hu gefart si könnten
e klengen Nodél hun, si könnten och vleicht hir Plaz verle'eren; oder
sollten der och derbei gewiéscht de' sech dovun e Virdél versprach hun!
Nî hätten se sech zu dém Schrött dirfen entschle'ssen! We' d'Preise
bis engke'er den Durchbroch haten, du konnte se ê ge'nt den aneren
ausspillen. -

Wat hun ons verantwortlech Leidd heihém önnerholl fir dèr Entweckelong
am Land entge'ntzetriéden ? -

An dém Moment wo' ons Gro'ssherzogin gesicht huet ons Sâch bei
den Allie'erten ze vertriéden, huet eng ganz Parti Leidd, de' hei hir
Missio'n z' erföllen haten, abselut versot.
Mir konne bis elo ké Fall, wo' é vun déne Leidd, op de' démols
d'ganzt Land gekuckt huet, de Preisen entge'nt getratt wir an hinne matt
den ne'dege Begröndongen en energescht "non licet" entge'ntgehalen hätt,
a wo'vunner d'Vollek Mattdélong kritt hätt.
De' Hère soen haut vleicht et hätt jo dach neischt gedengt. -
Démols hätt et dach godengt. - Vleicht wir én oder den aneren é fre'e
Murgen an de Kz gefe'ert gin. Wat wir dat ower scho gewiescht am Vergleich
zu dém wat haut eng Onmass Letzeburger Heroen am Kz erdroe mussen. Wat
war dat ge'nt d'Affer vun dénen, de' hirt Liéwen fir Freihét a Gerechteg-
két gin hun!
Aus freie Stecker hu si sech agesat fir de' gudd Sâch, nodém
de'je'neg versot haten, de' dofir do woren.
Et gét net dur a gudden a ro'egen Zeiten ze parade'eren, sche'
Riéden ze halen, nach vleicht deck Gehälter anzeze'en, fir dann am Moment
vun der Gefor kleng beizegin, sech an en Eck ze verkrauchen a Gottes/iwer
Wasser
Gottes Land lafen ze lôssen.

Trotz allem könne mer net gudd unhuelen, datt deske'er alles
versot soll hun. Mir wèrte jo nom Krich Opklärong kre'en iwer hir eventuel
Interventio'nen. Mir wöllen net vireileg sin an onsem Urtel, a beileiwen
net ongerecht. Bis op weideres si mer der Ménong datt durch en energesche
Widderstand vun déne verantwortleche Leidd am Ufank d'Letzebruger Vollek
a kirzester Zeit an èngem énzege gro'sse Block Front gemâch hätt, an datt
dorophin de' spe'der Entweckelong bestemmt eng aner Rîchtong geh oll hätt
Ower wur mer och gekuckt hun, mer hun ne'erges dé Mann font dé mer
gebraucht hätten.

Wat wor ze man? - Echt Patrioten aus alle Klassen a Ge'genden
vum Land hun sech a klenge Gruppen zesummefont an hu matt alle Möttelen,
de' hinnen zur Verfügong sto'ngen Stellong geholl ge'nt de' preisesch
Tyrannei. Si hun de' al Letzeburger Traditio'n opgegraff an hu gesicht
eso'weit we' me'glech all gudd Letzeburger zu enger produktiver Arbecht
zesummenzeschle'ssen. Eso' sin de' verschidden Organisatio'nen entstan,
de' sech am lèschte März zu der Unio'n vun de Letzeburger Freihétsorgani-
satio'nen zesummegeschloss hun.
Et verstét sech vum selwen, datt mer hei keng Mattdélongen iwer
ons Arbecht wärend dem Krich mâche können.
Et stét nun ower och fest, datt mir ons net op ons Arbecht vun
haut beschränken därfen.
Mir können ons och net dermatt zefridde gin de' Schölleg zur
Rechenschâft ze ze'en fir eventuell durno eröm ro'eg nezekucken, wann dén
ale Schlendrian eröm sollt ugoen. Lôsst mer ons net selwer bedre'en!
Mir wössen allegur datt och virum Krich net alles Gold wor, wat
geblenkt huet. Mir wöllen önner kengen Emstänn Onénegkét stöften; mir
scheien ons ower och net fir ganz offen op de' Möss stänn hinzeweisen,de'
bestanen hun an ons Virschle' ze man fir do eso'weit we' me'glech
ofzehellefen.
Mir beto'nen ausdrecklech datt et ons gur net drem gét fir herno
eng Roll ze spillen, vill we'neger fir Revolutio'n ze man, ower mir ver-
lange mattaller Energî a matt alle Möttelen, de' ons zur Dispositio'n sti
datt eng Le'song font get fir nom Krich de' al Féler ze vermeiden.
Et héscht elo schon den Terrain prepare'eren, fir den Neiopbau
vun engem freien, onofhängegen a gleckleche Letzeburg.
Dat ass onst Recht an ons Pflicht, a mir sin decide'ert et
durchzefe'eren.
Et ass och de Wonsch vun alle Membere vun der Unio'n a vun alle
gudde Letzeburger.
Ausserdém si mer onse Frönn et schölleg, de' dofir schon hirt
Liéwe geaffert hun.

Et ge'f ze weit fe'eren fir hei an allen Enzelhéten ausenaner
ze léen, we' dat kann errêcht gin. Mir kommen iwregens drop zreck.
Ent ower könne mer elo scho soen: datt ons Arbecht op dém Geb
nömmen Erfolleg kann hun, wann all gudd Letzeburger sech zesummendin a
berét si mattzehellefen um Neiopbau vun der Letzeburger Hémecht.
Vrun allem dofir Solidarite't vun alle gudde Letzeburger.
Nemmen da si mer stark. An dat musse mer sin, wa mer glecklech
d'Katastroph wöllen iwerstoen. Eneg a stark musse mer sin, wa mer nom
Krich net wöllen Honger leid en; ower och éneg a stark, wa mer e sche'nt
Letzeburg opbaue wöllen, wo' jidfer Letzeburger, ob arem oder reich,
uerdentlech ka liéwen , a wo' et endlech Uen[illegible]ong, Ro' an Zefriddenhét
get.

L.

## 1 7 9 8 !

" Si murden ons Kanner, si schènnen ons Fran,
Ons sche'ssen se do'd oder speren ons an,
De' Bluddhonn! A mir solle stol dat erdron,
Wann de'glech ons Schmot get a Schan ugedon.
Mir Bauere go'ngen nach kémols am Jach,
Nach frei si mer haut an ons Feischt hu mer nach.
Am Land bleift net eng Sansculottespur,
Dat schwiert Iech de Sche'fer vun Asselbur:
Le'wer do'd we' net frei! "

Eng Schuddreng pâkt d'Bauern, de' rondem do stin.
Stol gin s'ausenaner, a ké sét wo'hin.
An iwer eng Weilchen si s'all erem do
Matt Se'ssel, matt Gafel, matt Fisik, matt Schlo.
"Hei sti mer zesummen, lo hellef ons Gott!
"Fir d'Freihét! an nidder mam Sansculott-"
Hir Fran stin entge'nt en, voll Bâng d'Hänn gefâlt:
"Bleift! Scho'nt dach èrt Liéwen!" Ma d'Aentfert ersch
"Le'wer do'd we' net frei!"

Si wieren sech daper, si schloen sech gudd:
An dach drenkt de Buedem vill freit Baurebludd:
An droen hir Kugelen den Do'd och durch d'Lûcht,
A me'en hir Se'sselen och lieweg Frûcht,
Et kommen nei Feinden an 't kommen der me',
Fir zeng, de' do falen, erstét engt Arme'.
"Erget Iech, Rebellen, verdamt tockeg Rass!"
So' schâlt et eriwer. Hir Aentfert de' ass:
" Le'wer do'd we' net frei! "

Si hate gehofft, wèll hir Sâch wor gerecht.
Ongleckelech Bauren, wesst, Muecht gét vru Recht.
Vun dénen, de' muddeg wor'n ausgezun,
Do ko'men der we'neg mam Liewen dervun,
An de' musste weichen der harder Gewalt.
Lo stin s'als Rebellen un d'Mauer gestallt;
Ma ir nach hirt Bludd fierwt den Hémechtssand,
Hâlt d'lèschtmol den trotzege Ruff nach durch d'Land:
" Le'wer do'd we' net frei! "

'Aus de Vio'len'

hu mer hir det Gedicht gesat vun engem vill ze fr
versturwene begéschterten Hémechsfrönd.
Den de'we Sönn dovun ass och enert den aktuelle
Verhältnesser jidfer gudde Letzeburger kloer.



## D I A L O G

aus dem " S c h e'f e r m i s c h

vum Batty Weber.

MISCH: D'Hâptsâch ass, we' et bannewenzeg ausgeseit. Kuckt,Jongen, d'Herz dre't sech mer am Leif erem, wann ech drun denken, datt eis Hêd an eis Böscher, eis Birger an eis Dälten, eso'weit ewe' d'Aen droen, net me' letzeburgesch solle bleiwen.

JACQUES: Du hues jo Recht, mei le'we Misch, ma dat ass de Gank vun der Weltgeschicht.

MISCH: D'Geschicht muss hire Laf hun, dat ass wo'er. Du bass me' gele'ert we' ech, ower dat wellt mer net aus dem Kapp, datt kèng Weltgeschicht a kén Hergott eis elei am letzeburger Lännche verbidde kann, op eis Mane'er welle glecklech ze sin.

ALL: De Misch huet Recht.

MISCH: Kuck emol, Jacques, lôsst mer emol soen, ech wir eso' e knubbeleche Lo'klöppel heiuewen op der Hêd; et géng mer etlech Mol spatz op, ower et wir mer wuel a menger Haut, wann ech och wesst, datt se mer e fre'e Murgen vun èngem Lo'schlesser iwer d'O'ere gezue ge'f. Nu ke'ms du an du siets vu mer: He'er emol, Lo' - klöppel, ech mâchen elo e Lolberstack aus der, da kens d'am Här Bschto'er sei Gart stoen, an op d'Ho'festdég an d'Kirch virun den Altor, wo' alles em dech glönnert an no Weirâch richt, an eso' virun. Här, siét ech, neischt fir ongudd, lôsst dir mech ro'eg, wat ech sin, eiser Hergott huet mech zum Lo'klöppel genat, Lo'klöppel sin ech a Lo'klöppel wöll ech bleiwen. Dat ass mei Recht.

Abé kuck hei, mir si Letzeburger. Wa mer och aus enger Hand an de' aner gewandert sin, d'Le'ft zu eiser letzeburger Hémecht ass net ewe' en ale Steiwer, dén sech op d'lang Weil önner den Hänn ofschleift.

An de', de' eppes iwert eis ze soen haten, de' hun sech weider net em eis bekömmert. Ma elo kommen ânerer de' soen: He'ert emol, mir brengen Iech d'Gléck, mir brengen Iéech d'Freihét, Herz wat begiers de ? Bis elo wart der letzeburger Lo'klöppelen, elo get der friém Lolberstäck!

A wa mer dann net wöllen, wién huet dat Recht, eis derzo' ze zwangen? An ech soen nach engke'er, Jongen, vun eis ass kén dén sech zwange le'sst, se können eis schwätzen, eso' sche'n ewe' se wöllen: Wa mir déngen, dann ass et freiwölleg.

ALL: Jo! Hurrah de Misch!

MISCH: A wann elo eiser Hergott vum Himmel erof ke'm an e siét: Jongen, welsch oder e'streichesch ? - da ge'f et schâlen aus engem Monn: Net welsch, net e'streichesch!
Letzeburger si mer, a Letzeburger bleiwe mer! -----

======= o ======== o ==========o ========

Denkt un d' LETZEBURGER am Ausland !

Kaft nemme bei L e t z e b u r g e r !

Plaz an Arbecht fir de J O N K T E M vu Letzeburg !

## W a t  m i r  w ö l l e n !

Den Zesummeschloss vun alle gudde Letzeburger.

Déne gudde Letzeburger Hellef brengen, de' durch hire Patriotissem an No't gerode sin.

NOM KRICH Ro' an Urdnong opricht halen, d'Verbriécher um Letzeburger Vollek zur Rechenschaft ze'en, all gudd Letzeburger nés an hir Rechter afe'eren, an um Opbau vum neie Staat mathellefen.

Keng Revolutio'n, ké Staatsstrêch, ma Gebrauch vun onsem Recht LETZEBURG nei opzebauen.

Verhandlong mam legitimen Herrscher a matt der Exilregirong iwer d'Embildong vun der Regirong op Grond vun onsem Programm an iwer d'Ausarbechtong vun enger Verfässong no chreschtlech-soziale Grondsät

Als Staatsform eng demokratesch Monarchie,
e Staatsrot, enert dem Virsetz vum Monarch, an dém d'UNIO'N mat we'negstens drei Mann vertruden ass,
eng Regirong aus Vertrauensleidd vun der Volleksvertriédong, dèr hire Präsident och vum Monarch beruff get,
e Parlament, dat aplaz aus Parteien, aus de Beruffsstänn gewiélt get.

Religio'nsfreihét, ower Unerkennong vun der katho'lescher Religio'n als Staatsreligio'n. Eventuell Konkordat mam Popst.
Unerkennong vun alle Rechter vun der Kirch, ower Ausschaltong vun der Religio'n aus der Politik.

Erze'ong am nationale Sönn, Uerkennong a staatlech Ennerstezo vun engem national agestallte Verband vum Jonktem.

Schâfong vun engem neie Friémegesetz a Revisio'n vun allen neien Naturalisatio'nen. Ausschaltong vun allen Auslänner aus de wichtegste Plazen.

E Gesetz iwer d'Secherhét vum Staat an d'Dô'desstrof op den Hémechsverrot. - Schâfong vum Militärdengscht. - Vesstärkong vun der Kriminalpolizei.- Pressfreihét, ower Kontroll iwer hir Fongen. -
Verédegong op de Monarch vun allen he'ere Beamten.
Gebrauch vun der Letzeburger Sprôch net eleng am Verke'er ma och als amtlech Sprôch.
Reform vu Finanzen, Wirtschaft a Verke'er.
Ausbau vun de Sozialgesetzer.
Voll Entschiédegong fir d'Ausreiberong wärend dem Krich.
Intim Relatio'ne matt de Letzeburger an Amerika an am Ausland iwerhapt.
Kulturell, wirtschaftlech a politesch Verénegong matt dem fre'ere Letzeburg bis un d'Sprôchgrenz.

D'U n i o' n.

*************

Eng nationalistesch Letzeburger Volleksregirong !

Eng nationalistesch Letzeburger Volleksvertriédong !

Eng nationalistesch Erze'ong an all onse Scho'len !

==========



## O n s  S p r ô c h.

"E Vollek, dat seng Sprôch opget,get sech selwer op!"

Wesst der nach, we' d'Preisen matt hirer VDB an dém ganze Krom ugefângen hun, wat se fir eng Onmass Beweiser bei Hand haten fir hir Behaptong, mir wäre Preisen ?

Ent vun hiren Hâptargumenter wor démols datt mir deitsch ge'fe schwätzen, datt onst so'genannt "Platt" nemmen en deitschen Dialekt wär, ower keng Sprôch.

Wollt én dotop äntweren, da krut én durgehal, mir kenten ons Sprôch net liesen an net schreiwen, mir kenten emol dat Hellechst, wat e Mensch huet, d'Gebiét u sein Hergott, net op letzeburgesch son!

Leider wor dat jo nach zevâll wo'er.

Wivill Letzeburger konnte letzeburgesch liesen a schreiwen? ivill hun der et gemâch ? - Et soll haut nach jong Leidd gin, de' sech op deitsch schreiwen. Anerer man et op franse'sch, fir hir "patriotesch Gefiller" z'önnerstreichen!! -
A wivill Letzeburger hätte sech mam Hergott schon an dèr Sprôch önnerhalen, de' se hir Mamm gele'ert?

Wivill Letzeburger hun am Iescht selwer dru geglewt, datt onst letzeburgescht Schwätzen wirklech eng Sprôch ass ?!

Wie seng Sprôch opget, verléchent sei Vollek ....
Vill Letzeburger woren net me' wèrt eng ége Sprôch ze hun, wèll si se net an E're gehal hun.

Muss onst Vollek dann eng ége Sprôch hun ? - Wofir dann net ?
Mir gin dach vu klengem un ons ége Sprôch gele'ert; mir schwätzen se bis mer an d'Scho'l gin, mir schwätzen se dohém, am de'g - lechen Emgank, iwerall am Land, nemme wa mer schreiwen a liése sollen, da musse mer obémol eppes "besseres" hun.-

Ons Sprôch wär nemmen en Dialekt ? A wofir dann ?

Hun d'Hollänner an d'Vlammänner net och hir ége Sprôch a get d'Hollännescht an d'Vlammännescht net als Sprôch ugesin ?
Ass ons Sprôch dem Preiseschen vleicht me' no, we' d'Hollännescht an d'Vlammännescht ?
Ech gléw kaum. Gewess stamt ons Sprôch aus der germanescher Sprôchfamiljen. D'Englescht ower och.-

Firwat wor ons Sprôch bis elo keng Sprôch ? Wèll mir,d.h. wèll erschidde Krésser hei et net wollten.
Hat de Mann aus dem Vollek vleicht Intressi a Spâss drun fir eng Bre'f op deitsch oder op franse'sch ze schreiwen?
Hat hién Intressi drun datt um Geriicht franse'sch geschwat go'f n datt hien net verstoe konnt, wat se do alles erzielt hun?
D'Mass vum letzeburger Vollek hätt seng Sprôch gèr he'chgehal. 'Versoen dovun lo'g op ganz anere Plazen.
Et huet ons gefélt u stodo'erte Leidd, de' de Mutt gehat hätten ir ons Sprôch anzetrieden a sech zu hir ze bekennen.
De' Handvoll Leidd, de' d'Herz um richtege Fleck haten, de' matt eif a Se'l un hirer Hémechssprôch gehângen, de' alles fir se gemâch hun, o'fen iwerstömmt vun déne "Messeren", denen dat Kléd net ho'frech genuch or.

Ass et net eng Schân, datt am Jor 1896 ons Chamber matt 30 Stömmen e'nt 1 dem C.M.Spoo sei Virschlag verworf huet, fir an der Chamber etzeburgesch ze schwätzen?!
Ass et net eng Schan, datt bis 1940 keng Volleksvertriédong de Mutt t dem Papa Spoo sei Wonsch z'erneieren resp. z'erföllen?!

Ass et net eng Schan, datt an onse Primärscho'len, trotzdém ons Sprôch als Scho'lfach um Programm stong, mêschtens keng 2o Stonnen am Joer Letzeburgesch gemâch go'f, an dattd'Kanner matt hirem Scho'l-mêschter an d'Stodente matt hire Professeren deitsch oder franse'sch hu misse schwätzen?

Et get Leidd de' behapte wöllen, dat wär fir d'Autorite't vun dem Le'erpersonal vis à vis vun de Kanner resp. Stodenten ze hiewen.

Wann se dofir soss ké Mettel font hun, dann allerdengs wor et traureg. Gesitt der net a Frankreich d'Kanner "we'nt der Autorite't" matt hire Scho'lmêschteren englesch schwätzen ?!

Nén, e Luef fir ons Scho'len ass dat nach lâng net.

Wann é jo bedenkt, datt mir als Stodente virum Krich vu verschid-denen Here Professeren schief bekuckt go'fen, wa mer se op der Strôss matt "Moin, Her Professer" uegried hun, da kent é jo bal driwer lâchen, wann et net grad so' traureg wär.

Firwat wor ons Sprôch keng Sprôch ?

Wèll mer se ni als dat betruecht oder behandelt hun.

Et get Leidd, de' soen se hätt keng Regelen, keng Grammatik. - Dat hat de' franse'sch Sprôch och net, bis e puer Leidd sech d'Me' gin hu(t) ze man. Firwat solle mir dat net och ferdeg brengen ? Firwat soll ons Sprôch me' komplize'ert sin, we' anerer ? We'nt den Accenter vleicht ? - Et get Sprôchen, de' me' schwe'er sin. Wat missten dann de' englesch Scho'lkanner soen, wann si en "u" schreiwen an en "a" liese mussen a.e.w.

Et sollen eso'gur haut nach Leidd gin, de' eppes dovu kenne well an de' soen et wär net me'glech ons Sprôch an de Scho'len an iwerall als offiziell Sprôch ze gebrauchen.

Gewess ass dat net me'glech, so'lang de' Heren ze bequem sin e we'neg emzele'eren.

Dat ass ower och de' énzeg Schwiregkét. Also d' Bequemlechkét!

Emol musse mer ower ufänken. Onse Kanner ass et da ganz egal ob si den i op deitsch oder op lezzeburgesch le'eren. Si fannen dobei kaum eng Schwiregkét.

Ons Sprôch ass dat, wat mir draus mâchen. Dofir musse mi(r) selwer dru gléwen datt ons Sprôch kén Dialekt, ma eng Sprôch ass.

Mir selwer mussen dofir gröndlech opraumen mat dém alen a falschen Ausdrock: "letzeburger Deitsch".

Et get fir ons Sprôch nemmen én Num, an dén ass: Letzeburgesch.

Et get fir ons Letzeburger nemmen eng Hémechtssprôch an dat ass "D'Letzeburgescht."

Wann et ons och munech Ustrengong kaschte soll, fir ons Sprôch richteg liésen a schreiwen ze le'eren, a wa mer och nés d'Fiéder an d'Hand huele missten, da lôsst mer dat Affer fir ons Hémecht brengen.

Et ass wirklech net gro'ss am Vergleich zu dém vun onse Frönn, de' hirt Liéwe gin hun fir d'Hémecht!

Mir hun an desem Krich bewisen, a beweisen et nach haut, datt (mir) e Vollek sin, dat e Recht huet op seng Freihét an Onofhängegkét.

Eso' e Vollek muss ower dann och de Mutt hun sech zu senger Mo(tter)-sprôch ze bekennen.

Letzeburg! Du hues Deng Sprôch verléchent a verroden aus Bequemlechkét a Feighét. Du bass net wèrt eng frei Natio'n ze hêschen an ze sin, so'lang we's De net de Mutt fens Deng Sprôch aus dem Dreck ze hiewen a se nés an E'ren ze halen!

W

*******

LETZEBURGER ! Halt èr Geschicht an Hémechssprôch an E'ren !



## K o n s e q u e n z ?

(E Gespre'ch wat mer verlauschtert hun.)

(Ni)ki: "Ech kenne jiddefalls nach Letzeburger, de' stolz op hiren Num sin, an de' bei all Geléenhét hirem Eifer ge'nt d'Preise Loft mâchen; ass awer emol eso' e Preiss oder letzeburger Verre'der bei hinnen, da sin se nemmen eng Frendlechkét."

(...)r: "Ech mengen, Niki, du iwerdreiws; e richtege Letzeburger gét dach haut kengem Preiss me' Konschte mâchen."

(Ni)ki: " Ma da lauschter emol. Ech wor desdég an èngem Geschäft, vun (dém) ech de patron gut kennen. We' ech meng Sâche kaft a bezuelt h(at), fong hién, we' gewenlech un dichteg lânscht d'Preisen ze fur(en). Do ko'm awer grad e Preiss eran a frot no engem Artikel dé scho lang ausverkaft wor. Mei gudde Mann hannert der Te'k hu(et) sech entschölltegt, huet de Preiss vertre'scht op de' aner Woc(h) an huetssech gediebelt vu Frendlechkét. - We' de Preiss fort wor, sot dé Mann: " Et muss én alt frendlech mat hinne sin, s(o) gin se én nach uschmieren." - Dém hun ech dun ower de Standp(unkt) klor gemâch. Ech sot him, datt bis haut nach ké Gesetz bestét, dat d'Frendlechkét vun engem Letzeburger Geschäftsmann vis à (vis) vun èngem Preiss festlét. Ech sin och Geschäftsmann a wann e Preiss bei mech kafe kent, da mâche ech grad wat ech als Geschäfts-mann muss, ower Konschte krit ké Preiss gemâch. Wann é mech èppes frét, dann äntweren ech jo oder nén, a fèrdeg.

Mir mussen de Preise bei all Geléenhét weisen, datt se hei ze vill sin, an datt ké Letzeburger eppes mat hinne welt ze din hun. Dofir kann dann nach ké Preiss ons uschmieren, so'lâng é (se) korrekt, awer kurz gebonnen, mat hinne schwätzt. -

En anere Fall wêss ech vun engem Bauer, dé sech och als ganz gudde Letzeburger ausget. Bei dé kommen nämlech ömmer Preisen hamsteren an hié get hinnen allke'er eppes. Dén hätt dach secher all Recht hinnen d'Dir ze weisen. An dèr Fäll könnt ech nach eng Onmass verziélen, so'gur aus dem Privatliéwen.

Also "gudd Letzeburger" de' de Preise Brei em de Mon schmieren wo' se nemme können.- Wo' bleift dann do d'Konsequwnz ?

"Gewess, Niki, do hues du Recht, awer et get dach och nach Letzeburger, an ech denken de' mêscht, de' sech konsequent bleiwen.Ausnahmen get et ömmer an du bege'ns ömmer Leidd, de' firte'scht hire perse'nleche Virdél sichen. Ech mengen awer hir Zuel wär e'schter kleng, an d'Letzeburger aus alle Beruff(er) a Klassen hu kape'ert wat lass ass a si behuele sech och dém(no).

Ech si jeddifalls der Ménong, datt all Letzeburger bei all Geléenhét wo' et ubruecht ass, drop hiweise sollen, we' e Letzeburger sech engem Preiss visàvis ze verhalen huet. Et soll é kengem Preiss Frechhéte mâchen, wèll domat wär ons neischt genotzt; et soll én eso'gur all hire Provokatio'nen (aus) dem Wé goen, ower mir mussen si ignore'eren, wo' mer nemme kön-nen, an onsen Emgank mat hinnen, ob beruflech oder privat, op dat allerne'degst beschränken. Si solle gesin, datt se hei iwerenzeg sin!

Mir sin dat schölleg dem Land an all dénen, de' an de Prisonge(n) a Lagere setzen, speziell ower dénen de' hirt Liéwe fir hir Iwerzé-zégong hirgin hun, an ons selwer net manner."-

Letzeburger, weist datt der Letzeburger sidd!

N.

## He'ch ons Sprôch!

D'Sprôch ass d'Se'l vun engem Vollek,
S'ass sei gre'sst an hellegst Gudd.
Dofir lôsst mer he'ch se halen
An a stänneg treier Hutt.

Lôsst mer nemme si gebrauchen,
Wa mer klue Gott onst Léd;
Ech si secher datt den Himmel
Ons am bèschten da verstét.

Lôsst mer Hémechtslidder sangen,
De' vum Dicks an de' vum Lentz.
Dat sin ons. Wofir der brengen
Vun dobaussen iwer d'Grentz ?

Wofir, dir gele'ert Hären,
Hutt dir mêscht ons Sprôch um Napp ?
"O'ni Regel a Grammatik !"
Reselt spöttesch dir de Kapp.

Kent vleicht d'Nuechtigall iech froen
Wa si fro' a löschteg sengt,
Ob hirt Lidd no èrer Regel,
Ob an dur a moll et klenkt ?

Dir och, dir stode'ert Poppen,
Rengelt iwer si vleicht d'Nues.
Schwätzt we' iech èr Mamm gele'ert,
We' de Schniewel iech gewuess.

Glèwt datt dat wuel zengmol besser
We' èrt schlecht Franse'sch nach klenkt
An datt secher kén Iech dofir
Manner he'ch an nobel denkt.

Wat vun onser Sprôch s'och soen,
Si bleift einfach, sche'n a gudd.
Lôsst mer ëmmer he'ch se halen
Als onst gre'sst an hellegst Gudd.

D.S.

+++++++

Matt op de Wé .........

An der allerschlömmster Zeit, de' iwert onst Land a Volle eragebrach ass, wot en echt Letzeburger Kand, eng national Rewi a we' et sech gehe'ert an der Mammesprôch, hiren e'schte Schréc an d'Liéwen.

Mir können em weider neischt mattgin we' de rèngen dewe Glawen u sein Hémechtshaus an dém et opgewuess a gro'ssgez ill go'f.

Matt Surg a Bång, ma och mat vill Stolz an Hoffnong wöns mir hit Gléck op hire Wé.

D'UNIO'N. ===
REDAKTIO'N a VERLAG.